ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 15/06/2022

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

03/2022

Presenzen

Present	Net present
KOEDINGER Robert	CARDOSO Suzana (ass net méi z'erreechen non-excusée)
MATHEKOWITSCH Claude	RUEF-VOGT Liselotte (excusée)
RUEF Seth	SCHARLÉ Corinne (excusée)
VOSMAN-KIEFER Diane	
WELTER Isabelle	

Ordre du Jour

1. Approbatioun vum Rapport 02/2022
2. Organisatioun Projet "Kino Kohler"
3. Seniorenausfluch
4. Divers
5. Prochaine Réunion

Punkt 1 : Approbatioun vum Rapport 02/2022

- Approbatioun vum Rapport 2/2022 --> OK fir offiziell op de Site vun der Gemeng ze verëffentlechen

Punkt 2 : Organisatioun Projet "Kino Kohler"

- Op der Invitatioun vum Iessen, déi concernéiert 60+ mat invitéiert ginn fir an de Kino; 46 Plaze si fräi an déi éischt si vir – Umellung iwwert de Gemengesekretariat Helperknapp
- Datum: 09. September 2022
- Auerzäit vun der Seance: 15:00

Helperknapp, 15/06/2022

- Départ vum Bus:
    - 14:00 Départ beim Koschteschbau
    - Eng Navette ab 13h00 organiséieren déi d'Léit op Téinten bréngen
- Film: Rusty Boys vum Andy Bausch oder Iwwerraschung
- Käschtepräiss fir 46 Plazen = 368€

Rechnung vum Sall vum Kino gëtt un d'Gemeng Helperknapp geschéckt

Punkt 3 : Seniorenausfluch

- De Schäfferot hätt gären 1 Propose fir den Seniorenausfluch am Land
- D'3.Alter-Kommissioun proposéiert dem Schäfferot da folgenden Ausfluch:
    - Mat der M.S. Marie-Astrid eng Croisière panoramique mat engem Iessen

Punkt 5: Divers

- De Schäfferot ënnerstëtzt d'iddi vum "**Internet Senior**" um Site vun der Gemeng (Mail 13.05.2022)
    - Den Yves Munchen sëtzt deen elo ëm a wend sech bei Froen un d'Kommissioun
    - No der Fäerdegstellung vum Site wier et flott, wann den Yves der 3te. Alter-Kommissioun den Avant-Projet géif an enger Versammlung virstellen, esou dat mir nach ee Feedback dozou kéinte ginn
- Invitatioun: **Journée du travail social dans les communes**
    - Date: 27.06.2022
    - Horaire: 9h00 à 16h00
    - Journée d'échange – Thèmes: "*Les atouts et défis du travail social dans les communes*"

    ➔ Mir sinn der Meenung dat all Themen éischter fir de Gemengen – a Schäfferot geduecht sinn, awer net d'3te. Alter-Kommissioun viséiert. Et huet kee Member Zäit fir dohin ze goen
- **National-Feierdag**: mir sinn als Kommissioun présent

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 15/06/2022

Punkt 6: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 03/2022
  - Foto vun der 3te. Alter-Kommissioun fir an de Buet -> **kann Tanja w.e.g. ee Fotografe fir ons nächst Versammlung organiséieren**
  - Organisatioun “Kino Kohler”
  - Divers
  - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier den **Méindes, 04. Juli 2022 um 19h00 zu Béiwen an der aler Gemeng - Amiperasall**